Natur mat alle Sënner erliewen

Donneschdeg, 19. November 2009
fir d'Kanner vum 1. bis 3. Schouljoer

Dir wësst bestëmmt wat eis 5 Sënner sinn? Richteg: lauschteren, fillen, kucken, richen a schmaachen. Haut de Mëtte riche mir de Bëschbuedem, mir spëtzen eis Ouere fir ze héiere wat sech alles am Bësch sou bewegt, a villäicht fanne mir och nach eppes fir ze schmaachen... Et stinn och nach flott Spiller ënnert dësem Thema um Programm. Vill Spaass!

Praktesch Informatiounen:

- Fräizäitkleedung**,** déi ka knaschteg ginn; fest Schung a bei Reen entspriechend Gezei undinn.
- Mir huelen e Rucksak mat Uebst a Gedrénks, an eng Setzënnerlag mat. Dësen Nomëtteg ass **gratis** an ass duerch eng Assurance gedeckt.
- Fir dat des Aktivitéit ofgehale ka ginn, musse mindestens 6 Kanner ageschriwwe sinn, an et ginn der net méi ewéi 20 ugeholl.

Rendez-vous: **um 14.30** Auer bei der Maisons des Soins, 35, rue de l'Hôpital zu Déifferdeng ; et besteet och d'Méiglechkeet mam Diffbus 3 bis dohin ze kommen. D'Aktivitéit dauert bis **17.00** Auer.

Umeldung: Op der Telefonsnummer **26 30 36 25** vun der Biologescher Statioun Sicona oder per Email: yvette.grethen@sicona.lu**:** d'Matricule vum Kand, är Telefonsnummer an d'Gemeng wou dir wunnt uginn w.e.g.! Wann äert Kand no der Umeldung awer net ka matgoen, mellt et w.e.g. op därselwechter Nummer erëm of. Merci!

Kachen a brachen ….

Dënschdeg, den 24. November 2009
fir d'Kanner vum 3. bis 6. Schouljoer

Wann et ufänkt dobausse méi kal ze ginn an de Wand engem em d'Ouere bléist, wat gëtt et méi Schéines wéi bei engem gudde Feier ze sëtzen? Mir sammelen Holz a fänken eist Feier un a kachen eng lecker Zopp fir eis ze wiermen. Duerno bake mir eis als Dessert e Pain au chocolat iwwert der Glous. Gudden Appetit!

Praktesch Informatiounen:

- Fräizäitkleedung**,** déi ka knaschteg ginn; fest Schung a bei Reen entspriechend Gezei undinn.
- Mir huelen e Rucksak mat Uebst a Gedrénks, an eng Setzënnerlag (kann eng Plastikstut si) mat.
- Fir dat des Aktivitéit ofgehale ka ginn, musse mindestens 6 Kanner ageschriwwe sinn, an et ginn der net méi ewéi 20 ugeholl.

Rendez-vous: **um 14.30** Auer bei der Maisons des Soins, 35, rue de l'Hôpital zu Déifferdeng ; et besteet och d'Méiglechkeet mam Diffbus 3 bis dohin ze kommen. D'Aktivitéit dauert bis **17.00** Auer.

Umeldung: Op der Telefonsnummer **26 30 36 25** vun der Biologescher Statioun Sicona oder per Email: yvette.grethen@sicona.lu**:** d'Matricule vum Kand, är Telefonsnummer an d'Gemeng wou dir wunnt uginn w.e.g.! Wann äert Kand no der Umeldung awer net ka matgoen, mellt et w.e.g. op därselwechter Nummer erëm of. Merci!

Déiere-Wanterolympiad

Donneschdeg, den 26. November 2009
fir d'Kanner vum 3. bis 6. Schouljoer



1 – 2 – 3 lass....de Startschoss as gefall fir d'Déierenolympiad: den Hieschen hoppelt duerch d'Feld, de Fuuss leeft hannendrun, d'Maische verstoppt sech an hirem Lach, d'Réi sprèngt mat grousse Schrëtt an de Bësch. Dat probéiere mir dëse Mëtten och an zwar mat enger ganzer Rei vu flotte Spiller. An zum Schluss ginn et natierlech nëmme Gewënner.

Praktesch Informatiounen:

- Fräizäitkleedung a gudd Schung, natierlech dem Wieder ugepasst, undinn.
- Mir huelen e Rucksak mat Uebst a Gedrénks, an eng Setzënnerlag (kann eng fest Plastikstut si) mat.
- Fir dat des Aktivitéit ofgehale ka ginn, musse mindestens 6 Kanner ageschriwwe sinn, an et ginn der net méi ewéi 20 ugeholl.

Rendez-vous: um 14.30 Auer bei der Maisons des Soins, 35, rue de l'Hôpital zu Déifferdeng ; et besteet och d'Méiglechkeet mam Diffbus 3 bis dohin ze kommen. D'Aktivitéit dauert bis **17.00** Auer.

Umeldung: Op der Telefonsnummer **26 30 36 25** vun der Biologescher Statioun Sicona oder per Email: yvette.grethen@sicona.lu**:** d'Matricule vum Kand, är Telefonsnummer an d'Gemeng wou dir wunnt uginn w.e.g.! Wann äert Kand no der Umeldung awer net ka matgoen, mellt et w.e.g. op därselwechter Nummer erëm of. Merci!

Kontakt
Sicona-Westen : 26-30-36-25
Service écologique Ville de Differdange: 58-77-11-252

D'Gemeng Déifferdeng an de Sicona-Westen invitéieren op hier Ëmweltdeeg fir Kanner.

Natur erliewen an der Gemeng Déifferdeng

ënnert der Leedung vum Françoise Welter /Waldpädagogin